

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

Här President,  
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

A senger parlamentarescher Fro Nr. 5563 vum 24. Januar 2022 huet den honorablen Här Deputéierten André Bauler d'Madamm Minister gefrot, aus wéi enge konkrete Grënn decidéiert gouf, den Tuerm vun der aler Dikrecher Brauerei ofzerappen. D'Madamm Minister hat dorop geäntwert:

*"Nodeems d'Vertrieder vum aktuelle Propriétaire Etuden zum Zoustand vum Terrain an och vum Bau selwer presentéiert haten, gouf vum Service des sites et monuments nationaux eng Géigenetude an Optrag ginn fir d'Pollutioun vum Baugrund z'analyséieren. Esou sollt e neutrale Büro eng kritesch Duerchliichtung vun de Miesswäerter an der Verknaschtung opstellen. Dëst Dokument vun engem onofhängegen Expert huet d'Etude, déi vum Propriétaire virgestallt gouf, konfirméiert an doriwwer eraus den Zoustand vum Terrain op deem d'Gebaier stinn nach méi dramatesch erëm geholl. Et huet sech deemno erausgestallt, datt d'Pollutioun um Terrain wou dat méi jonkt Gebai an deemno och den Tuerm vu 1930 steet, extrem héich ass. Eng groussflächeg an déif Depollutioun ass onëmgänglech. Déi opwänneg Sanéierungen an déi komplex Agrëff an de Buedem maachen en Erhalt vun de Gebaier praktesch onméiglech."*

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Kann d'Madamm Minister präziséieren, wat fir Schuedstoffer an esou enger grousser Quantitéit am Buedem fonnt goufen, datt si den Erhalt vum Tuerm onméiglech maachen?
- 2) Am Fall vun den Industriebrachen zu Esch/Belval gouf no 1997 de Buedem a jorelaanger Aarbecht sanéiert, ouni déi fréier industriell Baustruktur ze zerstéieren. Firwat ass dat beim alen Tuerm, deen op kengem Industriestanduert steet, net méiglech?
- 3) Kann d'Madamm Minister präziséieren, wat mat der Ausstattung vun der aler Brauerei (Braukessel, asw.) geschitt?
- 4) Ass eng Etüd gemaach ginn, fir ofzeschätzen, ob een trotz der Pollutioun de Buedem esou versigele kéint, datt eng Gefor fir Mënsch an Ëmwelt ausgeschloss ass?
- 5) Firwat ass et net méiglech, deen alen Tuerm ofzerappen an op enger anerer Plaz erëm opzebauen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup, Deputéierten